Skiferien

Salzburg 2010

Dass Wanter et leit Schnei a mer hunn eis nees op de Wee an d'Wanterkolonie gemaach, dëst Joer fuere mer op Salzburg . No enger laanger Busrees sinn mer mat de Kanner am Alter vu 6 bis 17 Joer an dem Jugend-Gästehaus ukomm. No enger Stäerkung sinn Valisen ausgepaakt ginn an mer sinn séier an Bett gesprongen, fir dat mer fit sinn fir de éischten Dag op der Piste.

Den aneren Dag Moies ass et dunn lass gaang, voller Freed sinn mer op Piste gefuer , wou mer mam Sessellift rop gefuer sinn. Uewen ukomm sinn mer a Gruppe agedeelt ginn, hunn eis Skilehreren, déi all ganz fein ware, kennegeléiert a schon sinn mer de Bierg erof geflitzt.

No 3 Deeg Ski hate mer eis eng kleng Paus verdéngt, a mer sinn Salzburg besichtege gaangen, inklusive Päerdskutsch a Shopping. Owes hunn mer dunn eng flott Fuesparty gefeiert, an d' ganz Equipe huet gedanzt a gespillt.

Den Dag drop stounge mer rëm op de Skier an hunn nach gutt geübt fir de leschte Mëtteg eis Skicours ze gewannen. No der flotter a musikalescher Präisiwwerreechung hunn mer Äddi gesot.

Owes hun mer am Hotel eis Valise gepak an hunn den nächste Moien d'Heemrees op Lëtzebuerg ugetrueden, wou eis Famillen eis schon erwaart hunn.

Bis nächst Joer

Simon Jennifer